

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. November 2020


Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Den Här Mëttelstandsminister huet sech iwwert de Succès vu senger Aktioun mat lwwernuechtungsbongen zefridde gewisen. Déi kleng a mëttel Handels- an Déngschtleeschungsbetriber leiden och ënnert de Konsequenzen vun de neien Covid-Moosnamen. Besonnesch déi nei Fermeture vu Restauranten a Cafée wäert d'Attraktivitéit vun de Stied an de Foussgängerzonen an de klengen Handel am allgemengen impaktéieren. An deem fir den Handel an d'Déngschtleeschter esou schwéiere Kontext hätt ech dës Froen un den Här Mëttelstandsminister:

1. Wéi steet den Här Minister zu där Iddi vun der Verdeelung vu Consommationsbongen un d'Bevëlkerung, déi beim Lëtzebuenger Handel a bei Déngschtleeschter kéinten an engem bestëmmten Delai ageléist ginn?
2. Wéi gesäit den Här Minister d'Méiglechkeet, dës Bongen op déi Geschäfte ze beschränken, déi beim éischte Confinement am Fréijoer 2020 hu missen zoumaachen?
3. Wann d'Regierung wéilt op dee Wee vun der Verdeelung vu Konsommationsbonge goen, wéi e budgetäre Volume wéilt si dann fir den Zweck engagéieren, a wat géing dat fir all eenzelen Stot bedeiten?
4. Ass an dem Fall sécherzestellen, datt d'Gesamtvaieur vun de Bongen, déi un d'Bevëlkerung verdeelt ginn, och beim klengen Handel an den Déngschtleeschter ukënnt, datt also d'Vaieur vun de Bongen, déi eventuell net vun de Leit ageléist ginn, iwwer en anere Wee un déi concernéiert Betriber verdeelt gëtt?

Mat déiwem Respekt,


Fernand Kartheiser
Deputéierten


Roy Reding
Deputéierten